# WOUSST DIR SCHONN ?
# *LE SAVIEZ-VOUS*

## BIEKERECH HUET DÉI EELSTE KLACK AM LAND

En Artikel vun der Biekerecher Kulturkommissioun

## *LA PLUS ANCIENNE CLOCHE DU PAYS SE TROUVE À BECKERICH*

*Un article de la commission de la culture de Beckerich*

D'Laude vun de Klacken ass aus engem Duerf kaum ewechzedenken. An dach ginn dës hautdesdaags net méi bewosst wouergeholl, an déi meescht Leit wëssen och net méi genee, wat et mat dem Gelauds eigentlech op sech huet.

Dobäi hunn d'Klacken eng laang a räich Geschicht. Verschidden Experte ginn dovun aus, datt den Urspronk vun eisen haitege Klacken op d'mannst 5.000 Joer zeréckgeet an, erstaunlecherweis, asiatesch Originnen huet. Domat gehéieren d'Klacke zu den eelste musikaleschen Instrumenter weltwäit. D'Kiercheklacke, wéi mir se haut kennen, dat heescht, mat hirem reliéise chrëschtleche Charakter, stame warscheinlech ereischt aus dem 4. oder 5. Joerhonnert no Christus. Bei eis an Europa muss dat éischter ëm d'Joer 1000 gewiescht sinn, an dat och haaptsächlech a Kléischter wou d'Klacken dozou gedéngt hunn, den Oflaf vum Dag ze reegelen. Méi spéit sinn se da lues a lues e festen Deel vum Kierchtuerm ginn. Zënterhier si se virun allem e Symbol fir d'Verkënnegung vun der chrëschtlecher Botschaft fir op Gebieder oder soss Fürbitten opmierksam ze maachen.[1]



Vue aus dem Klackentuerm vu Biekerech ëm 1920

D'Klacken hunn awer och aner Funktiounen. Warscheinlech erënneren sech nach vill Leit drun, wann d'Klacke gelaut hunn, fir den Dout vun engem Matmënsch ze verkënnege.

Anerer verbannen de Klang vun de Klacke mat méi erfreelechen Eventer, wéi zum Beispill der Hochzäitsmass. Nieft dëse symbolesche Bedeitungen hunn d'Klacken hautdesdaags och eng méi praktesch Roll, wéi d'Erënnerung un Dageszäit. Soss huet een och vun der Lompeklack geschwat. Dës huet am Prinzip Sonndes a Feierdeeg um zéng Auer owes gelaut an domat d'Leit invitéiert, sech op den Heemwee ze maachen.[2]

*Le son des cloches fait presque partie intégrante de la vie d'un village. Pourtant, aujourd'hui, on n'y prête plus vraiment attention, et rares sont ceux qui connaissent encore la véritable signification des sonneries de cloches.*

*Les cloches possèdent pourtant une histoire longue et riche. Certains experts estiment que l'origine de nos cloches actuelles remonte à 5000 ans et qu'elles auraient, de manière assez surprenante, des origines asiatiques. Les cloches comptent ainsi parmi les plus anciens instruments de musique au monde. Les cloches d'église telles que nous les connaissons aujourd'hui, c'est-à-dire associées à leur fonction religieuse chrétienne, seraient apparues vers le IVe ou le Ve siècle après Jésus-Christ. En Europe, leur utilisation ne se serait véritablement développée qu'autour de l'an 1000, principalement dans les monastères, où elles servaient à organiser le déroulement de la journée. Au fil du temps, elles sont devenues un élément incontournable des clochers. Depuis lors, leur son accompagne la vie religieuse en annonçant le message chrétien, en appelant les fidèles à la prière et en marquant les grands moments de la vie de la communauté.*

*Les cloches ont aussi comme fonction d'annoncer le décès d'un habitant du village.*


*D'autres associent le son des cloches à des événements plus joyeux, comme les messes de mariage. Au-delà de leur dimension symbolique, les cloches remplissent encore aujourd'hui une fonction plus pratique en rappelant l'heure durant la journée.*
*Autrefois, on parlait aussi de la « Lompeklack ». Celle-ci sonnait généralement les dimanches et jours fériés à dix heures du soir, invitant ainsi les habitants à regagner leur domicile.*

[1] Glocken Brauchtum und Entstehung, Vivat Magazin, 2026 - St. Benno Verlag, www.vivat.de
[2] Bosseler, Nic., 1975: Beckerich, Hüttingen und Levelingen, in ihrer schicksalhaften Geschichte im Wandel der Jahrhunderte, Krippler & Cie, S. 85

D'Kiercheklack, oder och Kapelleklack, waren oder sinn domat e feste Bestanddeel vun enger Gemeinschaft. Deemno versteet sech vum selwen, dass et fréier ëmmer e grousse Festdag war, wann eng nei Klack geweit gouf. Esou e Fest gouf fir d'Lescht zu Biekerech den 12. September 1976 gefeiert.

D'ganz Gemeng war op de Been, fir sech d'Feierlechkeeten net entgoen ze loossen. Besonnesch den traditionellen a symboleschen Hummerschlag wollt kee verpassen.

Dobäi goufen 1976 direkt zwou Klacke geweit. Déi eng huet déi zwou bestoend Klacken an der Kierch komplettéiert, wärend déi aner fir d'Kapell um Kuelebierg bestëmmt war.



D'Invitatiounsbroschür, déi 1976 an all Bréifboîte verdeelt gouf

*La cloche d'une église, tout comme celle d'une chapelle, a toujours occupé une place importante au sein de la communauté. Il n'est donc pas surprenant que la bénédiction d'une nouvelle cloche ait autrefois été célébrée comme un véritable jour de fête.*
*À Beckerich, la dernière cérémonie de ce genre remonte au 12 septembre 1976.*

*Toute la commune était mobilisée pour participer aux festivités. Personne ne voulait surtout pas rater le traditionnel et symbolique coup de marteau.*

*En 1976, deux cloches ont été bénies lors de ces festivités. L'une est venue compléter les deux cloches déjà présentes dans l'église, tandis que l'autre était destinée à la chapelle du Kahlenberg.*

Am Kader vun dëse Festivitéite gouf och an d'Géisserei „Marbilon" zu Saarburg invitéiert, wou interesséiert Leit sech e Bild vun der Produktioun vun hire Klacke maache konnten.

Déi zwou 1976 geweite Klacke bestinn aus 78 % Koffer an 22 % Zënn. Déi grouss Kiercheklack huet dobäi ronn 400 Kilogramm op d'Wo bruecht, woubäi d'Klack fir d'Kapell ongeféier 35 Kilogramm gewien huet.[3] Déi kleng Klack fir d'Kapell huet, esou gëtt et erzielt, déi eelst Klack vu Lëtzebuerg ersat.

*Dans le cadre de ces festivités, les habitants étaient également invités à se rendre à la fonderie «Marbilon» de Saarburg, où ils pouvaient découvrir la fabrication de leurs cloches.*

*Les deux cloches bénies en 1976 étaient composées de 78 % de cuivre et de 22 % d'étain. La grande cloche de l'église pesait environ 400 kg, tandis que celle destinée à la chapelle atteignait environ 35 kg.Selon les dires, la petite cloche de la chapelle aurait remplacé la plus ancienne cloche du Luxembourg.*


De feierlechen Hummerschlag vun 1976



Déi 2 Klacken, beim Ëmzuch duerch Duerf 1976



[3] Bosseler, Nic.: Invitatiounsschreiwes vun der Klackewei 1976

Zu Biekerech gëtt schonn ëm d'Joer 1265 fir d'alleréischte Kéier schrëftlech eng Kiercheklack ernimmt.[4] Der Iwwerliwwerung no soll dës Klack zur Zäit vun der Herrschaft vum franséische Kinnek Louis XIV viru de Fransouse geschützt gi sinn. Si soll dofir 1678 an der Géigend vum Flouer a „Lamert" vergruewe gi sinn.

*À Beckerich, une cloche d'église est mentionnée pour la toute première fois dans des écrits datant d'environ 1265. Selon la tradition, cette cloche aurait été mise à l'abri des Français durant le règne du roi Louis XIV. Elle aurait ainsi été enterrée en 1678 au lieu-dit « Lamert ».*



A "Lamert", e puer honnert Meter ëstlech vun der Kierch.

Wat schonn zu där Zäit befiercht gi war, ass 1798 Realitéit ginn. Déi franséisch Revolutionären hunn deemools souwuel d'Klack vun der Kierch wéi och déi vun der Kapell ewechhuele gelooss. Si goufen an d'Schlass vun Iewerleng transportéiert an duerno op Le Creusot an den Oste vu Frankräich bruecht, wou si ageschmolt an zu Krichsmaterial weider verschafft goufen.[5]

Am Joer 1869 goufen dann zwou nei Klacke fir d'Biekerecher Kierch ugeschaaft. Eréischt 1927 huet d'Kapell um Kuelebierg dann och eng nei Klack kritt. Et soll sech dobäi ëm eng Occasioun gehandelt hunn. Dës Klack staamt, sou heescht et, aus der Kapell vu Bilschdref.[6] An dës Klack soll ëm d'Joer 1350 hiergestallt ginn sinn a gëllt domat bis haut als déi eelst noweisbar Klack am Land.

Déi speziell Zockerhuttform weist däitlech op dat spéit Mëttelalter hin. D'Klack ass mat engem einfache Sonnerad gezeechent, dat deemools de Mëttelpunkt vum Universum symboliséiere sollt hunn.[7] D'Klack ass awer mat de Joren gerass a gouf dowéinst 1976 ersat. Haut befënnt sech déi eelste Klack am Land an der Kierch zu Biekerech a gouf an der aler Kierchtuerm-Auer am rietse Säiteschëff agebaut.

*Ce que l'on craignait déjà à cette époque est devenu réalité en 1798. Les révolutionnaires français ont alors fait enlever aussi bien la cloche de l'église que celle de la chapelle. Elles ont été transportées au château d'Everlange avant d'être envoyées à Le Creusot, dans l'est de la France, où elles ont été fondues pour être transformées en matériel de guerre, principalement des canons.*

*En 1869, deux nouvelles cloches ont été acquises pour l'église de Beckerich. La chapelle du Kahlenberg n'a retrouvé une nouvelle cloche qu'en 1927. Selon les récits, il se serait agi d'une cloche d'occasion provenant de la chapelle de Bilsdorf.*

*Cette cloche aurait été fabriquée aux alentours de 1350 et est encore considérée aujourd'hui comme la plus ancienne cloche attestée du Luxembourg. Sa forme particulière renvoie clairement à la fin du Moyen Âge. La cloche est ornée d'une simple roue solaire, symbole qui représentait autrefois le centre de l'univers. Avec les années, cette cloche s'est fissurée et a dû être remplacée en 1976. Depuis quelques années, elle est installée dans l'église de Beckerich près de l'ancienne horloge du clocher sur le bas côté droit de l'église.*

Fotoen : © Archive vun der Gemeng Biekerech

[4] Bosseler, Nic., 1975: Beckerich, Hüttingen und Levelingen, in ihrer schicksalhaften Geschichte im Wandel der Jahrhunderte, Krippler & Cie, S. 85
[5] Bosseler, Nic., 1975: Beckerich, Hüttingen und Levelingen, in ihrer schicksalhaften Geschichte im Wandel der Jahrhunderte, Krippler & Cie, S. 105
[6] Bericht vum Paschtouer Mathias Fellens aus dem Deliberatiounsbuch vum Kiercherot vum 4.7.1976
[7] Ferdy Reiff 1999, Glockenklänge der Heimat, Band 2, Saint Paul



Déi al Kierchtuerm-Auer mat der eelste Klack aus dem Land

Dir sidd also gären wëllkomm iech bei Geleeënheet dëst Stéck Zäitgeschicht emol vu méi no ze betruechten.

Eent ass op alle Fall sécher; ob kleng oder grouss, al oder méi nei, all Toun vun eise Klacken erzielt e Stéck vun eiser Vergaangenheet. Wann dir also an Zukunft d'Lauden vun eisen Klacken iwwert dem Duerf héiert, dann denkt drun, wéi räich an virun allem laang d'Geschicht vun eise Kierchen an Kapellen ass. Si gehéieren zu eiser kultureller Identitéit a sinn Deel vun eise Traditiounen.

*Vous êtes donc chaleureusement invités à venir découvrir de plus près ce précieux témoin de notre histoire.*

*Une chose est certaine : qu'elles soient petites ou grandes, anciennes ou plus récentes, chacune de nos cloches porte en elle une part de notre passé. Lorsque leurs sonneries résonnent au-dessus du village, elles nous rappellent la richesse et la longue histoire de nos églises et chapelles. Bien plus que de simples instruments, elles font partie de notre patrimoine, de notre identité culturelle et de nos traditions.*

Biekerech Kultur-Kommissioun

Hues du och spannend Erzielungen, Anekdote, Fotoen a Biller aus der Gemeng, déis du gäre mat eis wëlls deelen? Dann mellt dech ganz einfach bei der Kulturkommissioun vu Biekerech ënnert:

*As-tu aussi des histoires passionnantes, des anecdotes, des photos ou des images de la commune que tu aimerais partager avec nous ? N'hésite pas à contacter la commission de la culture de Beckerich à l'adresse suivante:*

**kulturkommissioun@beckerich.lu**